

Lëtzebuerg, den 20. Januar 2021

ERHÉICHTE PRIORITÉIT FIR D'ENSEIGNANTEN BEI DER IMPFUNG!


D'Erkenntnis, dass de Virus sech tatsächlech och an der Schoul verbreet – an dat net ze knapps – schéngt méttlerweil och am Educationsministère ukomm ze sinn.

D'Enseignanten hirersäits sinn iwwert dës Erkenntnis alles anescht ewéi iwwerrascht a fillen sech bestätegt. **Wa ronn 25 – a méi – Persone stonnelaang an engem enke Raum beieneesetzen, da besteet trotz Mask a regelméissegem Stousslëften onweigerlech eng erhéichten Infektionsgefor !**

A wéi engem anere Beräich vun eiser Gesellschaft, mat Ausnam vum Gesondheitssecteur, herrsche momentan nach esou geféierlech Aarbechtskonditiounen ewéi am Enseignement?

Anhand vum folgenden Diagramm – Bestanddeel vum kierzlech vum MENJE verëffentlechten **Rapport^[1] zur Analys vun der Covid-Situatioun** an eise Schoule – ass kloer z'erkennen, dass den Taux un Infektiounen bei den Enseignante während de Schoulwochen déi meeschten Zäit däitlech iwwert deem vun der Allgemengpopulatioun läit:

Taux d'incidence (population générale, enseignants, élèves)



Trotz deem manifestement erhéichte Risiko fir d'Schoulgemeinschaft ginn et eng ganz Rei trëffteg Grënn – fir d'Schüler an d'Enseignanten haauptsächlech pedagogescher Natur – d'Schoulen esou laang et geet op a mat esou vill Präsenzunterricht ewéi méiglech lafen ze loossen. **D'Gefäerdung vun der Gesondheet vun den Enseignanten an hire Familljen däerf awer net de Präis sinn, dass d'Schoule kënnen opbleiwen !**

Dass d'Enseignante fir d'Entwécklung vun deene kommende Generatiounen an domat och fir eis Gesellschaft insgesamt systemrelevant sinn, dierft spéitstens säit dëser Pandemie jidderengem bewosst sinn. Fir sécherzestellen, dass de Schoulbetrib och an deene kommende Méint wäert kënnen oprechterhale bleiwen, fuerdert de Comité vun der FÉDUSE/Enseignement-CGFP, dass **d'Enseignante bei der Impfung eng erhéichte Prioritéit kréien.** Konkret fuerdere mir, dass d'Enseignante sollen d'Méiglechkeet kréien, sech impfen ze loossen, **soubal d'Impfung vum Fleege- a Gesondheetspersonal a vun deene vulnerabele Persounen ofgeschloss ass,** an net eréischt dee Moment, wann si zesumme mat allen anere Leit aus hirer jeeweileger Alterskategorie géifen un d'Rei kommen.

Wochelaang ass den Unterricht an eise Schoulen trotz Inzidenzwäerter vun iwwer 700 Neiiinfektione pro Woch gréisstendeels normal weidergelaf, ouni generell Maskepflicht an ouni Mindestofstand. Ugesiichts vun ëmmer neien, däitlech méi ustiechende Virusmutatiounen muss elo **dréngend fir de beschtméigleche Schutz vun den Enseignante gesuergt ginn, an deen ass ouni Zweifel d'Impfung.**

Här Meisch: Wann dir eis schonn an de Reen schéckt, da gitt eis wéinstens e Reemantel mat!

[1] Rapport d'analyse sur la situation de la COVID-19 dans les établissements scolaires (du 15 septembre au 27 décembre 2020).